



AN DER LOUPESCHT
CLUB AKTIV PLUS



Aktivitéiteprogramm
ABRËLL - SEPTEMBER
2025



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, des Solidarités,
du Vivre ensemble et de l'Accueil

club +
aktiv

croix-rouge +
luxembourgeoise
Menschen helfen

Club Aktiv Plus An der Loupescht

2, rue de l'école

L- 6235 Beidweiler

T. (+352) 2755 - 3395

Mail : club-loupescht@croix-rouge.lu

www.help.lu / www.croix-rouge.lu

fb/ClubAktivPlusAnDerLoupescht/ 

De Büro ass op:

Méindes bis Freides **9h00>13h00**

Horaire d'ouverture du bureau :

*Lundi au vendredi **9h00>13h00***

Mir schwätzen / *Nous parlons :*

LU, DE, FR, EN, PT, ES, NL

Club Aktiv Plus vun de Gemengen: Bäertref, Bech, Beefort, Betzder, Jonglënster, Konsdref a Waldbëlleg. Mat der Ënnerstëtzung vum Ministère de la Famille, des Solidarités, du Vivre ensemble et de l'Accueil.



SOMMAIRE

Adressen	4
Frühjahr- und Sommerprogramm	6
Informatioun un eis Clienten	8
Fotosgalerie	9
Reegelméisseg Aktivitéiten	10
Mëttegiessen am Restaurant	11
Klangschuelenmeditatioun	12
Buch Club	13
Mëttegiessen am Club	14
Molcours	15
Gediechnistraining	16
Gemittleche Spadséiergang	17
Blumenatelier	18
Gesellschaftsspiller	19
Sëtzgymnastik	20
Spillnomëtteg am Cipa Jonglënster	21
Lachyoga	22
Yoga	23
Seniore Kraaft-Training	24
Härenowend	25
Gesondheetswoch	26
Bobo'en vum Alter	27
Visitt Aquatower Bäärtref	28
Dageswanderungen	29
Broutbakatelier	30
Reesreportage - Kanaresch Inseln	31
Kreativatelier	32
Rummikub zu Konsdref	33
Internetcafé Afterwork	34
Internetcafé fir Senioren - Cours	35
Maastricht	36
Genussreise Kaffeerösterei	37
Visitt Luxembourg Air Rescue	38
Visitt Cipa	39
Mir brauen eisen eegene Béier	40
Visitt Europa	41
Visitt Guidée Brennerei Difrulux	42
Foire Agricole	43
Minett Park Fond de Gras	44
Tagesausflug Bernkastel-Kues	45
Digitalwoch	46
Connectéiert an autonom: Atelier 60+	47
The electronic healthcare record (DSP)	48
Medienwelten entdecken	49
Den elektronische Gesondheetsdossier (DSP)	50
Visitt GovTech Lab	52
Workshop: Fotobuch	53
Coding entdecken	54
Visitt Nationalmusée	55
Visitt Luxembourg Urban Garden (LUGA)	56
Umeldefrist	58
Fotoformular	59
Intern Reegelen	60
Fotosgalerie	62

	Animateur
	Uert / Lieu
	Auerzäit / Horaire
	Material / Matériel
	Informatiounen / Informations
	Sprooch / Langue
	Präis / Tarif
	Umeldefrist / Date limite d'inscription

ADRESSEN

ADRESSES



Gemeng Bäertref *Commune de Berdorf*

Centre Culturel A Schmadds
29, rue d'Echternach • L-6550 Berdorf

Camping Martbusch
3, Beim Martbusch • L-6552 Berdorf



Gemeng Bech *Commune de Bech*

Veräinsbau Hemstal
19, am Duerf • L-6243 Hemstal

Veräinsbau op der Schanz
30, op der Schanz • L-6225 Altrier



Gemeng Beefort *Commune de Beaufort*

Centre Culturel Kummelsbau
3, rue Kummel • L-6310 Beaufort

Youth Hostel Beaufort
55, route de Dillingen • L-6315 Beaufort



Gemeng Betzder *Commune de Betzdorf*

Al Schmëtt
7, rue de l'école • L-6934 Mensdorf

Al Scheier
2b, rue d'Olingen • L-6832 Betzdorf

Centre Culturel Mensdorf
rue de l'église • L-6933 Mensdorf

Ieweschtt Bowéngs
14, rue d'Olingen • L-6914 Roodt-sur-Syre

Syrkus Roodt-Syre
20, route de Luxembourg •
L-6916 Roodt-sur-Syre





Gemeng Jonglënster
Commune de Junglinster

Centre Culturel Am Duerf

8, rue du village • L-6140 Junglinster

Centre Polyvalent Gaston Stein

1, rue Emille Nilles • L-6131 Junglinster

Centre Sportif op Fréinen

1, op de Freinen • L-6130 Junglinster

Club Aktiv Plus An der Loupescht

2, rue de l'école • L-6235 Beidweiler

P&R Junglinster

beim Rossbur • L-6136 Junglinster

CIPA Grande-Duchesse

Joséphine Charlotte Junglinster

40, rue Rham • L-6142 Junglinster

Lënster Lycée

2, rue Victor Ferrant •

L-6122 Junglinster

Veräinsbau Am laange Brill

Rue de Junglinster • L-6150 Altlinster



Gemeng Konsdref
Commune de Consdorf

Centre Polyvalent Kuerzwénkel

19, rue de Berdorf • L-6213 Consdorf

Veräinsbau Consdorf

24, rte de Luxembourg • L-6210 Consdorf

Seniorie St. Joseph Consdorf

4, rue Buurgkapp • L-6211 Consdorf



Gemeng Waldbëlleg
Commune de Waldbillig

Heringer Millen

1, rue des Moulins • L-6245 Waldbillig

Veräinsbau Chrëschtnech

7, Fielserstrooss • L-7640 Christnach



FRÜHJAHR UND SOMMER IM CLUB AKTIV PLUS AN DER LOUPESCHT:

Der Frühling ist endlich da und bringt frische Energie und neue Möglichkeiten mit sich! Unser Programm bietet zahlreiche Veranstaltungen, bei denen Sie sich bewegen, Neues entdecken und gemeinsam Spaß haben können.

Wir laden Sie herzlich ein, an unseren Aktivitäten teilzunehmen und jemanden aus Ihrem Umfeld mitzubringen. Ob Nachbar, Freund oder Familienmitglied – gemeinsam macht alles mehr Freude und stärkt das Gefühl der Zusammengehörigkeit. Nutzen Sie die Chance, sich selbst und anderen etwas Gutes zu tun.

Lassen Sie uns gemeinsam die schönsten Seiten des Frühlings genießen und dabei neue Freundschaften schließen. Ihre Teilnahme kann einen großen Unterschied machen.

Wir freuen uns auf Sie und Ihre Begleitung!

Annika, Anabel, Marisa, Ricardo und Carole

Das Team vom Club Aktiv Plus An der Loupescht



PROGRAMME DE PRINTEMPS ET D'ÉTÉ AU CLUB AKTIV PLUS AN DER LOUPESCHT :

Le printemps est enfin là, apportant une nouvelle énergie et de nouvelles opportunités ! Notre programme propose de nombreuses activités où vous pourrez bouger, découvrir de nouvelles choses et vous amuser ensemble.

Nous vous invitons chaleureusement à participer à nos activités et à amener quelqu'un de votre entourage. Que ce soit un voisin, un ami ou un membre de la famille – ensemble, tout est plus agréable et renforce le sentiment de communauté. Profitez de cette chance pour faire du bien à vous-même et aux autres.

Profitons ensemble des plus beaux aspects du printemps et faisons de nouvelles amitiés. Votre participation peut faire une grande différence.

Nous nous réjouissons de vous voir, vous et votre accompagnateur !

*Anabel, Annika, Marisa, Ricardo et Carole
L'équipe du Club Aktiv Plus An der Loupescht*



INFORMATIOUN UN EIS CLIENTEN

INFORMATION À NOS CLIENTS

UMELDEFRIST

DATE LIMITE D'INSCRIPTION

Fir all eis Aktivitéite muss een sech umellen, dëst ass ausschliisslech per Telefon um **2755-3395** oder per Email op **club-loupescht@croix-rouge.lu** méiglech. Denkt och wgl. drun déi jeeweileg Umeldungsfrist fir all Aktivitéit ze respektéieren. Merci.

*Pour toutes nos activités veuillez-vous inscrire soit par téléphone au **2755-3395** ou par email au **club-loupescht@croix-rouge.lu**. Pensez également à respecter la date limite d'inscription de chaque activité. Merci.*

TRANSPORT

Eng Aktivitéit aus eiser Broschür interesséiert lech? Dir kënnt eenzeg wéinst Transportproblemer net drun deelhuelen? Dann zéckt net a rufft eis um **2755-3395** un, zesumme kucke mir no deene verschiddene Méiglechkeeten!

*Une activité dans notre brochure vous intéresse ? Vous ne pouvez pas y participer uniquement à cause des raisons de transport ? N'hésitez pas, contactez-nous au tél. **2755-3395** et ensemble nous verrons les différentes possibilités !*

VIRSTELLUNG NEI MATAARBECHTER

PRÉSENTATION NOUVEAU COLLABORATEUR

Moien alleguer, mäi Numm ass Marisa. Ech schaffen zanter dem 15.01.2025 am Club Aktiv Plus An der Loupescht a freeë mech, lech kennenzeléieren an lech virun allem am administrative Beräich ze ënnerstëtzen.

Bonjour à tous, je m'appelle Marisa. Je travaille depuis le 15.01.2025 au Club Aktiv Plus An der Loupescht et je suis ravie de faire votre connaissance et, surtout, de vous soutenir dans le domaine administratif.



FOTOGALERIE

GALERIE DE PHOTOS



Spillnomëtten CIPA



Molcours



Genussreise Kaffeerösterei



Schach-Nomëtten



Reegelméisseg Aktivitéiten

Aktivitéit / Activité

Trëppeltour / Randonnée

Dir sidd eleng ze Fouss ënnerwee? Schléisst lech eis un! Eis Weeër féieren duerch d'Regioun a si ca. 5 bis 7 km. Heibäi kenne mir gemittlech Kosettercher halen an eis austauschen. Kommt mat, zesumme mécht et duebel sou vill Spaass.

Vous marchez seuls ? Rejoignez notre groupe ! Nos chemins à travers la région sont d'environ 5 à 7 km. Ici nous pourrions calmement faire la causette. Venez, ensemble c'est deux fois plus agréable.

Pétanque / Pétanque

Mir brénge Leit zesummen, déi Freed a Spaass um Pétanque spillen hunn. Gesellt lech dësem Grupp dobäi, ob dir Hobbyspiller sidd, schonn ëmmer eng Kéier Pétanque ausprobéiere wollt oder e geübte Spiller sidd, jiddereen ass häerzlech wëllkomm!

Nous réunissons des gens qui apprécient de jouer ensemble à la pétanque. Que vous soyez débutant ou joueur expérimenté, ou que vous avez toujours voulu essayer la pétanque, tout le monde est le bienvenu dans ce groupe.

Nordic Walking Am Möllerdall / Nordic Walking au Mullerthal

Begleet eis op eisen Nordic Walking Tier duerch de Möllerdall. Mir trëppelen an 2 Stonnen an engem ugepassten Tempo duerch eis schéi Regioun. Profitéiert vun der Beweegung un der frëscher Loft a schléisst lech dësem Grupp un.

Accompagnez-nous lors de nos randonnées de marche nordique à travers le Mullerthal. Nos tours de 2 heures à rythme adapté nous amènerons à travers notre belle région. Profitez de cette activité au grand air et rejoignez ce groupe.

Keelen / Jeu de quilles

Mir treffen eis reegelméisseg op de Pisten an der Regioun fir eng Partie Keelen ze spillen a mat e bëssi Gléck ginn och emol „Alle Néng“ gespilt. Ob Ufänger oder Hobby-Spiller, jiddereen ass wëllkomm op dëse lëschtgen Momenter.

Nous nous donnons rendez-vous sur les pistes de la région pour jouer aux quilles. Que vous soyez débutant ou avancé, tout le monde est le bienvenu à ces bons moments de divertissement.

Méi Infoen / Plus d'infos

Méindes / Lundi

- 📅 28.04 - 14.07
- 🕒 9h30 > 11h30
- 👤 Club Aktiv Plus An der Loupescht
- 📍 Treffpunkt bei der Umeldung /
point de rdv lors de l'inscription
- 👤 fest Schong, Gedréns /
chaussures fermées, boissons
- € Gratis / *gratuit*
- 📄 Bis Freides virdrun /
jusqu'au vendredi précédant

Dënschdes / Mardi

- 📅 22.04 - 26.08
- 🕒 9h30 > 11h30
- 👤 Equipe Club Aktiv Plus An der Loupescht
- 📍 Treffpunkt bei der Umeldung /
point de rdv lors de l'inscription
- ① Partie ass Wiederofhängeg /
partie dépend de la météo
- € Gratis / *gratuit*
- 📄 Bis Freides virdrun /
jusqu'au vendredi précédant

Mëttwoch / Mercredi

- 📅 23.04 - 09.07
- 🕒 9h30 > 11h30
- 👤 Equipe Club Aktiv Plus An der Loupescht
- 📍 Treffpunkt bei der Umeldung /
point de rdv lors de l'inscription
- 👤 Nordic Walking Bengelen, ugepasste Gezei, fest Schong, Gedréns /
batons de Nordic Walking, vêtements adaptés, chaussures fermées, boissons
- ① +/- 8 km
- Pause: Schoulvakanz / *pause: vacances scolaires*
- € Gratis / *gratuit*
- 📄 Bis Freides virdrun /
jusqu'au vendredi précédant

Mëttwoch / Mercredi

- 📅 09.04 - 27.08
- 🕒 16h00 > 18h30
- 👤 Equipe Club Aktiv Plus An der Loupescht
- 👤 Op Ufro / *sur demande*
- € Käschten op der Platz ze bezuelen /
frais à régler sur place

MËTTEGIESSEN AM RESTAURANT

DÉJEUNER AU RESTAURANT

Freides

Kommt mat eis an e Restaurant an der Ëmgéigend. Mir ginn eis Rendez-vous um 12 Auer fir den Aperitif, uschléissend loosse mer eis eppes vum Kichechef préparéieren. Um Programm stinn dës Restauranten:

Vendredi

Venez avec nous dans un des restaurants de la région. Nous nous donnons rendez-vous à midi pour l'apéritif et ensuite nous choisirons parmi les propositions du chef cuisinier. Au programme les restaurants suivants :

- | | |
|--------------------------|---|
| 18.04 & 25.04 | Pizzeria Piccobello
5, rue de la Gare • L- 6117 Junglinster |
| 23.05 & 30.05 | Restaurant Grill
28, route d'Echternach • L- 6250 Scheidgen |
| 27.06 | Al Trotto
14, route d'Eppeldorf • L- 6312 Beaufort |
| 18.07 & 25.07 | Restaurant-Pizzeria Lenert
55, rue d'Echternach • L- 6550 Berdorf |
| 05.09 | Restaurant-Friture Chez Irène SCHUEBERFOUER
1, allée Scheffer • L- 2520 Luxembourg |

-  Equipe Club Aktiv Plus
-  12h00 > 14h00
-  Plaze si limitéiert / *places sont limitées* / max. 11 Pers.
-  Consommatiounen op der Plaze bezuelen / *consommations à régler sur place*
-  Jeeweils 10 Deeg virdrun / *10 jours à l'avance*



KLANGSCHUELENMEDITATIOUN

MÉDITATION BOLS CHANTANTS



Dënschdes 22.04 / 06.05 / 20.05 / 03.06 / 17.06 / 01.07

Huelt un enger eenzegaarterger Klangrees deel. De Klang, d'Vibratiounen an d'Schwéngunge vu verschiddene Klangschuele wierke schonn a wéinege Minutte regenerativ. Duerch den unhalenden Toun gëtt d'Konzentratioun erhéicht an emotional Blockaden a Verspanunge geléist. Loosst Iech vun dëser berouegender a revitaliséierender Erfahrung matdroen. Probéiert et aus!

Mardi 22.04 / 06.05 / 20.05 / 03.06 / 17.06 / 01.07

Participer à un voyage sonore unique. Le son, les vibrations et les amplitudes de différents bols chantant agissent en quelques minutes sur votre corps. Grâce au ton soutenu, la concentration augmente, les états émotionnels et les tensions sont débloqués. Laissez-vous emporter par cette expérience apaisante et revitalisante. Essayez-le !



Gabriele Schriever



Veräinsbau Altlinster



09h30 > 10h30



Ënnerlag fir op de Buedem, Këssen, Decken /
tapis de yoga, coussins, couverture



D



120 € fir 6 Kéier / *pour 6 unités*



14.04



BUCH CLUB

CLUB DU LIVRE

Dönschdes 22.04 / 20.05 / 24.06 / 29.07

All Mount liese mir e Buch, dat verspricht eis a faszinierend Welten ze transportéieren, mat Geschichte voller Wäisheet, Humor an Emotioun. Eis Diskussiounsronne verlafen an enger häerzlecher a gemittlecher Atmosphär, bei engem Téi oder Kaffi, fir d'Bicher zesummen ze diskutéieren an Iddien auszetauschen. Deelt Är Andréck, Erënnerungen an Iwwerleeungen. All Stëmm zielt a bréngt eng nei Dimensioun an eis Gespréicher. Maacht bei eisem Buch Club mat a genéisst interessant Momenter!

Mardi 22.04 / 20.05 / 24.06 / 29.07

Chaque mois, nous lisons un livre qui promet de nous transporter dans des univers fascinants, avec des histoires pleines de sagesse, d'humour et d'émotion. Nos rencontres se déroulent dans une ambiance chaleureuse et conviviale, autour d'un thé ou d'un café, pour discuter les livres et échanger des idées. Partagez vos impressions, vos souvenirs et vos réflexions. Chaque voix compte et apporte une nouvelle dimension à nos échanges. Rejoignez notre Club du Livre et profitez de moments intéressants !



Tiffany Saska



Club Aktiv Plus An der Loupescht



17h00 > 18h00



LU / D



Gratis / *gratuit*



Eng Woch am Viraus /
une semaine à l'avance



MËTTEGIessen AM CLUB

DÉJEUNER AU CLUB

Donneschdes

Eemol de Mount preparéiere mir en hausgemaachte Menü. Wann Dir gäre kacht a Loscht hutt, d'Mëttegiessen zesummen mat eis ze preparéieren, sidd Dir häerzlech wëllkomm. Et ass eng exzellent Geleeënheet, nei Rezepten ze léieren an Är Kachfäegkeeten ze perfektionéieren. Beim uschléissenden Mëttegiessen kënnt Dir sympathesch Leit treffen a lecker Platen an enger gemittlecher Atmosphär genéissen. All Kéier ass eng eenzegaarteg kulinaresch Rees!

Jeudi

Une fois par mois, nous préparons un menu fait maison. Si vous aimez cuisiner et souhaitez préparer et déguster le déjeuner avec nous, vous êtes les bienvenus. C'est une excellente occasion d'apprendre de nouvelles recettes et de perfectionner vos talents culinaires. Lors du repas vous pouvez rencontrer des gens sympathiques et déguster des délicieux plats dans une ambiance conviviale. Chaque rencontre est une aventure culinaire unique où chacun peut partager ses astuces et techniques préférées.

24.04 Zopp, Geméis Tajine mat Couscous, Rubbarbstaart

22.05 Bruschetta, Fësch an Zalot, Äerdbieren mat Crème

26.06 Gazpacho, Buffet mat verschidden häerzhaften a séisse Platen



Equipe Club Aktiv Plus



Club Aktiv Plus An der Loupescht



10h00 > 15h00 (12h00 Mëttegiessen / déjeuner)



15 € pro Kéier / par unité



Bis Méindes virdrun /
jusqu'au lundi précédant



MOLCOURS

COURS DE PEINTURE

Donneschdes 24.04 - 17.07

Ausprobéieren, sech mat aneren austauschen, nei Technike léieren. Mat talentéierter Begleedung kennt Dir Är moleresch Erfahrung maachen a kritt vill kreativ Iddien. Dir braucht kee Kënschtler ze sinn, kommt a loosst Ärer kreativer Oder fräie Laf. Maacht mat bei inspiréierende Sessiounen a gitt mat Ären eenzegaartege Wierker heem.

Jeudi 24.04 - 17.07

Essayez, échangez et partagez des nouvelles techniques avec d'autres. Avec des conseils, vous pouvez découvrir la peinture et obtenir de nombreuses idées créatives. Aucune expérience artistique est nécessaire, venez laisser libre cours à votre créativité. Rejoignez-nous pour des sessions inspirantes et repartez avec vos œuvres uniques.



Agnieszka Strzebinczyk



Club Aktiv Plus An der Loupescht



18h00 > 20h00



Schiertech, Molmaterial / *tablier, matériel de peinture*



D



150 € fir 10 Kéier / *pour 10 unités*



16.04



GEDIECHTNISTRaining

ENTRAÎNEMENT DE LA MÉMOIRE

Méindes 28.04 / 12.05 / 26.05 / 16.06 / 30.06 / 14.07

Vergiesslech si mer jo alt all emol, mee dat muss net sinn. D'Gehir ass e Muskel, deen ee wéi all aner och, trainéiere kann. Mat eisem professionnelle Gediechnistraining vun der LVGT asbl – Lëtzebuerger Veräin fir Gediechnistraining – léiert Dir Techniken, fir Äert Gehir ze trainéieren an Är Konzentratioun ze steigern. Sidd och Dir derbäi an erlieft en ofwiesslungsräichen Training, dee Spaass mécht an lech erméiglecht, Äert Gediechnes aktiv ze verbessern.

Lundi 28.04 / 12.05 / 26.05 / 16.06 / 30.06 / 14.07

Nous avons tous tendance à oublier, mais ce n'est pas une fatalité. Le cerveau est un muscle que l'on peut entraîner. Avec l'association Luxembourgeoise pour l'Entraînement de la Mémoire – vous apprendrez des techniques pour exercer votre cerveau et améliorer votre concentration. Rejoignez-nous pour un entraînement varié et stimulant, qui vous permettra d'améliorer activement votre mémoire tout en vous amusant.



Mariette Zacharias



Club Aktiv Plus An der Loupescht



09h30 > 11h00



LU / D



65 € fir 6 Kéier / pour 6 unités



21.04 / min. 8 Pers.



GEMITTLECHE SPADSÉIERGANG

PROMENADE DOUCE



Méindes 28.04 - 14.07

E Spadséiergang ass eng herrlech Aktivitéit, déi et erlaabt, d'Natur ze genéissen an sech ze entspannen. Et ass eng flott Méiglechkeet, frësch Loft ze schnappen an den Alldag hannert sech ze loossen. Bei dësem Spadséiergang vu maximal 60 Minutte ka jiddereen a sengem Rhythmus goen an tëschenduerch op enger Bänk raschten an d'Ëmgéigend genéissen.

Lundi 28.04 - 14.07

Une promenade est une activité merveilleuse qui permet de profiter de la nature et de se détendre. C'est une excellente occasion de prendre l'air frais et de laisser derrière soi le quotidien. Lors de cette promenade d'une durée maximale de 60 minutes, chacun peut marcher à son rythme et se reposer sur un banc et admirer la beauté des paysages.



Equipe Club Aktiv Plus



Treffpunkt bei der Umeldung / point de rdv lors de l'inscription



15h00 > 16h00



Ugepasste Gezei, fest bequem Schong, Gedréns / vêtements adaptés, chaussures confortables, boissons



Paus: Schoulvakanz / pause : vacances scolaires



Gratis / gratuit



Bis Freides virdrun / jusqu'au vendredi précédant



BLUMMENATELIER

ATELIER FLORAL

Dönschdes 29.04 / 27.05 / 24.06

E selwer gemaacht Arrangement, der Saison entsprechend dekoréiert, wat gëtt et Schéineres? An Zesummenaarbecht mam Floristikatelier vu Fëlschdref, léiert Dir verschidden Techniken a kritt Wëssen iwwert Ëmgang, Faarwen a Gestaltung vun de Blumen a Planze vermëttelt. Dir hutt d'Geleeënheet, Ärer Fantasie fräie Laf ze loossen a fortgeschratt Techniken ze léieren.

Mardi 29.04 / 27.05 / 24.06

Qu'y a-t-il de plus beau que de créer sa propre création florale de saison ? En collaboration avec le « Floristikatelier » de Filsdorf, vous apprendrez différentes techniques de travail. En même temps, vous aurez des informations autour de la composition, des couleurs et de la création d'arrangements de fleurs. Vous aurez l'occasion de laisser libre cours à votre imagination tout en apprenant des techniques avancées.

29.04 Dierkranz / Couronne de porte

27.05 Summer um Gaardendësches / L'été sur la table de jardin

24.06 Fläschegaart / Jardin en bouteille (+ 10 € Material)



Jeanette Lobner



Veräinsbau op der Schanz



18h00 > 20h00



55 € + Material / Atelier



18.04 / 16.05 / 13.06



GESELLSCHAFTSSPILLER

JEUX DE SOCIÉTÉ

Mëttwochs 30.04 - 09.07

Kommt spillt mat, mir treffen eis all Woch bei Kaffi a Kuch a verbrénge gemittlech Stonnen zesummen. Mat Spill a Spaass, vu Bingo, Denkspiller, Mensch ärgere Dich nicht bis Rummikub, vun allem ass dobäi.

Mercredi 30.04 - 09.07

Venez jouer, nous nous rencontrons chaque semaine autour d'un café et d'un gâteau et nous passons ensemble des heures agréables. Avec des jeux et des divertissements, du Bingo, des jeux de réflexion, au Rummikub en passant par le jeu de l'oie, il y en a pour tous les goûts.



Equipe Club Aktiv Plus



Club Aktiv Plus An der Loupescht



14h00 > 16h00



5 € pro Kéier / par unité



Bis Méindes virdrun /
jusqu'au lundi précédant



SËTZGYMNASTIK

GYMNASTIQUE ASSISE



Dënschdes 06.05 - 01.07

Sëtzgymnastik ass eng douce Sportsaktivitéit fir all Altersgrupp! Et hëlleft, d'Beweeglechkeet ze verbesseren an d'Muskelen ze stäerken, ouni datt een Opstoe muss. Mat einfache Beweegungen a Stretchübungen kann een seng Gesondheet an d'Wuelbefanne verbesseren. Kommt a maacht mat, et ass eng flott a gesond Méiglechkeet, aktiv ze bleiwen!

Mardi 06.05 - 01.07

La gymnastique assise est une activité douce pour tous les âges ! Elle aide à améliorer la mobilité et à renforcer les muscles sans avoir à se lever. Avec des mouvements simples et des exercices d'étirement, on peut améliorer sa santé et son bien-être. Venez participer, c'est une manière agréable et saine de rester actif !



Equipe Club Aktiv Plus



Centre Culturel A Schmadds



10h00 > 11h00



Bequemt Gezeih, Gedränk / vêtements confortables et une boisson



Paus: Schoulvakanz / pause : vacances scolaires



LU



50 € fir 8 Kéier / pour 8 unités



28.04



SPILLNOMËTTEG AM CIPA JONGLËNSTER

APRÈS-MIDI DE JEUX AU CIPA JUNGLINSTER

Dënschdes 06.05 / 03.06 / 01.07 / 02.09

Kommt spillt mat! Mir treffen eis eemol de Mount am CIPA Jonglënster a verbrénge gemittlech Stonnen zesummen. Mir léieren hei néi Leit kennen a treffen eventuell och den een oder aneren Bekannte vu fréier! Mir spillen zesummen traditionell Bingo oder anere flott Spiller ewéi Quiz oder Gesellschaftsspieler. All Treffen ass voller gudder Laun a Gesellegeet! Kommt a genéisst déi gemittlech Atmosphär!

Mardi 06.05 / 03.06 / 01.07 / 02.09

Venez jouer avec nous ! Nous nous retrouvons une fois par mois au CIPA de Junglinster pour passer des moments agréables ensemble. C'est l'occasion de rencontrer de nouvelles personnes et peut-être même de retrouver de vieux amis ! Nous jouons ensemble au Bingo traditionnel ou à d'autres jeux amusants comme des quiz ou divers jeux de société. Chaque rencontre est remplie de bonne humeur, créant une atmosphère chaleureuse et accueillante.



Equipe Club Aktiv Plus



CIPA Junglinster



15h00 > 17h00



Gratis / *gratuit*



Bis Freides virdrun /
jusqu'au vendredi précédant



LACHYOGA

YOGA DU RIRE



Mëttwochs 07.05 / 21.05 / 04.06 / 18.06 / 02.07 / 16.07

Lachyoga ass eng ënnerhalsam a gesondheetsfërdernd Aktivitéit, bei der d'Laache bewosst erbäigefouert gëtt. Duerch verschidden Übungen an Otemtechnike gëtt d'Laachen ugereeget, wat zu enger Verbesserung vum Wuelbefannen an der Stëmmung féiert. Lachyoga ka Stress reduzéieren, d'Immunsystem stäerken an d'sozial Verbonnenheet fërderen. Et ass fir Leit vun all Alter gëeegent an erfuerdert keng speziell Virkenntnesser. Probéiert Lachyoga aus a spiert déi positiv Effekter vum Laachen op Kierper a Geescht!

Mercredi 07.05 / 21.05 / 04.06 / 18.06 / 02.07 / 16.07

Le yoga du rire est une activité amusante et bénéfique pour la santé, où le rire est provoqué consciemment. Grâce à divers exercices et techniques de respiration, le rire est stimulé, ce qui améliore le bien-être et l'humeur. Le yoga du rire peut réduire le stress, renforcer le système immunitaire et favoriser la cohésion sociale. Il est adapté à tous les âges et ne nécessite aucune connaissance préalable. Essayez le yoga du rire et ressentez les effets positifs du rire sur le corps et l'esprit !

-  Sonia Tomas
-  Club Aktiv Plus An der Loupescht
-  11h00 > 12h00
-  FR
-  € 120 € fir 6 Kéier / pour 6 unités
-  21.04



YOGA



Donneschdes 08.05 - 03.07

An dësem Cours gi Kierper a Geescht duerch verschidde Posen, Otemtechniken a Meditatioun kombinéiert fir e positiivt Wuelbefannen z'ereechen. Yoga & Meditatioun betounen d'Individualitéit an de Rhythmus a férdere soumat e ganzheetlechen Usaz fir geeschteg an kierperlech Gesondheet.

Jeudi 08.05 - 03.07

Dans ce cours, on associe le corps et l'esprit à travers diverses poses, techniques de respiration et méditation afin d'atteindre un bien-être positif. Le yoga et la méditation mettent l'accent sur l'individualité et le rythme, favorisant ainsi une approche holistique de la santé mentale et physique.



Gabriele Schriever



Veräinsbau Altlinster



09h00 > 10h00



Yogamatt, Këssen, Decken / *tapis de yoga, coussin, couverture*



Paus: Schoulvakanz / *pause : vacances scolaires*



D



80 € fir 8 Kéier / *pour 8 unités*



20.04



SENIORE KRAAFT-TRAINING

MUSCULATION POUR SENIORS



Donneschdes 08.05 - 03.07

Entdeckt d'Kraaft vum Alter! Eise Seniore Kraaft-Training ass speziell dorop ausgeriicht, Är Stärkt, Beweeglechteit an d'Liewensqualitéit ze verbesseren. An eise motivéierenden an ënnerstëtzen Cours schaffe mir zesummen drun, Är Muskulatur ze stäerken, d'Schanken ze festegen an Är allgemeng Gesondheet ze fërderen. Mat moossgeschneiderten Übunge wäert Dir Iech méi staark, energiegelueden a selbstbewosst fillen.

Jeudi 08.05 - 03.07

Découvrez la puissance de l'âge ! Notre entraînement de force pour seniors est spécialement conçu pour améliorer votre force, votre mobilité et votre qualité de vie. Dans notre cours motivant et soutenant, nous travaillons ensemble pour renforcer vos muscles, solidifier vos os et promouvoir votre santé générale. Avec des exercices sur mesure, vous vous sentirez plus fort, énergique et confiant.



Equipe Club Aktiv Plus



Al Scheier Betzdorf



10h30 > 11h30



Bequemt Gezeih, eng Yoga-Matt a Gedrénsks /
vêtements confortables, un tapis yoga et une boisson



Paus: Schoulvakanz / *pause : vacances scolaires*



50 € fir 8 Kéier / *pour 8 unités*



02.05



HÄRENOWEND

SOIRÉE ENTRE HOMMES

Donneschdes 08.05 / 12.06 / 10.07

Maach mat bei eisem Härenowend! Hei kënnen mir an enger gemittlecher Ronn zesummekommen, iwwer alles Méigleches schwätzen an einfach eng gutt Zäit hunn. Et ass eng gutt Plaz, fir nei Frëndschaften ze schléissen an al Frënn erëmzegesinn. Bréngt Är bescht Geschichten a witzeg Anekdoten mat – mir suergen dofir, datt et ni langweileg gëtt! Kommt laanscht a genéisst e flotten Owend a gudder Gesellschaft.

Jeudi 08.05 / 12.06 / 10.07

Rejoignez nos soirées entre hommes ! Ici, nous nous réunissons dans une ambiance conviviale pour discuter de tout et de rien et passer un bon moment ensemble. C'est l'endroit idéal pour nouer de nouvelles amitiés et retrouver de vieux amis. Apportez vos meilleures histoires et anecdotes amusantes – nous veillons à ce que l'ambiance soit toujours animée ! Venez passer une soirée agréable en bonne compagnie.



Equipe Club Aktiv Plus



Restaurant Pizzeria Lennert
55 rue d'Echternach • L-6550 Berdorf



18h30 > 20h30



Consommatiounen op der Plaz ze bezuelen /
consommations à régler sur place



Eng Woch am Viraus /
une semaine à l'avance



GESONDHEETSWOCH

12.05-16.05.25



Méindes	Aktivitéiten	Méi Infoen
9h30 > 11h30	Trëppeltour	p. 10
10h30 > 11h30	Badminton	
14h00 > 17h00	Bobo'en vum Alter	p. 27
15h00 > 16h00	Gemittleche Spadséiergang	p. 17
Dënschdes		
9h30 > 11h30	Petanque	p. 10
10h00 > 11h00	Sëtzgymnastik	p. 20
14h00 > 17h00	Dageswanderung Klangwee Houschent	p. 29
14h00 > 15h30	Visitt Aquatower Bäärtref	p. 28
Mëttwochs		
9h30 > 11h30	Nordic Walking	p. 10
Donneschdes		
9h00 > 10h00	Yoga	p. 23
10h00 > 11h30	Badminton	
10h00 > 15h00	Broutbakatelier	p. 30
10h30 > 11h30	Seniore Kraaft-Training	p. 24



BOBO'EN VUM ALTER

LES BOBOS DES 50 +

Méindes 12.05

Ass d'Lëscht vun de Medikamenter, déi Dir anhuelt, laang? Leid Dir och ënner de Niewewierkungen dovun? Sabine Kinzinger, Apdiktesch, Aroma- a Nutritherapeutin, Beroderin fir natierlech Gesondheet, wäert lech all hir Geheimnisser verroden, déi mat der allopathescher Medezin kompatibel sinn. De Nomëtteg wäert mat der Preparatioun vun enger Synergie op Basis vun äthereschen Ueleger speziell fir Är Gelenker ofgeschloss ginn.

Lundi 12.05

La liste des médicaments que vous prenez est longue ? Vous souffrez en plus de certains effets secondaires liés à ceux-ci ? Sabine Kinzinger, pharmacienne aroma / nutrithérapeute, consultante en Santé au Naturel, vous révélera tous ses secrets compatibles avec la médecine allopathique. L'après-midi se terminera par la préparation d'une synergie à base d'huiles essentielles spéciale articulations.



Sabine Kinzinger



Club Aktiv Plus An der Loupescht



14h00 > 17h00



FR / LU



50 € (+10 € op der Plaz ze bezuelen fir eng Preparatioun / +10 € à régler sur place pour une préparation)



29.04



VISITT AQUATOWER BÄERTREF

VISITE AQUATOWER BERDORF

Dënschdes 13.05

Den Aquatower zu Bäärtref ass vill méi wéi just en einfache Waassertuerm. Hien liwwert Drénkwaasser un d'Regioun a bitt donieft eng faszinéierend interaktiv Ausstellung iwwer d'Wichtegkeet an de Wee vum Waasser. Vun der Observatiounsplattform op 50 Meter Héicht kënnt Dir eng otemberaubend Panoramavue genéissen. Et ass en beräicherend Erlefnis fir all Alter. Verpasst net dëst flott Visitt, déi lech d'Geheimnisser vun dësem beandrockende Gebäi verroden.

Mardi 13.05

L'Aquatower à Berdorf est bien plus qu'un simple château d'eau. Il fournit de l'eau potable à la région tout en offrant une exposition interactive fascinante sur l'importance et le parcours de l'eau. Depuis la plateforme d'observation à 50 mètres de hauteur, vous pouvez profiter d'une vue panoramique imprenable. C'est une expérience enrichissante pour tous les âges. Ne manquez pas la visite guidée qui vous dévoilera les secrets de cette infrastructure impressionnante.



Equipe Club Aktiv Plus



Aquatower Berdorf

106 a, rue de Consdorf • L-6551 Berdorf



14h00 > 15h30



LU



8 € / min. 10 Pers.



25.04



DAGESWANDERUNGEN

MAM CLUB MUSELHEEM



13.05 / 13.06 / 09.07 / 08.09

Dir wëllt eppes fir Är Gesondheet maachen an hutt Loscht op flott Dageswanderungen? Da schléisst lech eisem Grupp, dee mir zesumme mat eise Kolleege vum Club Muselheem hunn un. Eis Wanderunge sinn an engem ugemooossenem Tempo a fir jiddereen, deen e bëssen an Übung ass, gutt ze bewältegen. Ugepasste Schong, an e Gedrénks am Gepäck si fir all eis Wanderunge vu Virdeel. Profitéiert vun der Geleeënheet, fir wonnerschéi Landschaften ze entdecken an lech an der Natur ze erhuelen.

13.05 / 13.06 / 09.07 / 08.09

Vous voulez prendre soin de votre santé ? Alors rejoignez nos randonnées d'une journée. Nos randonnées à un rythme raisonnable sont à la portée de tous ceux qui ont un peu d'entraînement. Des chaussures adaptées et une boisson sont recommandées pour toutes nos randonnées. Profitez de l'occasion pour découvrir des paysages magnifiques et vous ressourcer en pleine nature.

13.05 Klangwee Houschent 6 km

14h00 Kierch Houschent

13.06 Haalerbaach & Beeforter Schlass 11,5 km

10h00 Parking Beeforter Schlass

Méiglechkeet duerno d'Expo Unesco Global Geopark ze besichen

09.07 Iechternach 11 km

10h00 Parking Iechternacher Séi

08.09 Rouspert 10 km

10h00 Gemeng Rouspert



Equipe Club Aktiv Plus

Gratis / *gratuit*

Eng Woch am Viraus /
une semaine à l'avance



BROUTBAKATELIER

ATELIER DE BOULANGERIE



Donneschdes 15.05

Komm mat op een erlebnisräichen Dag op der Heringer Millen! Mir starte mat engem Bakatelier, a maachen uschléissend eng interessant Millebesichtigung. Zum Ofschloss lued en Buffet mat regionale Produiten aus dem Mëllerdall fir d'Mëttegiessen an. Dësen Dag ass déi perfekt Geleeënheet fir de Wee vum Kär bis zum Brout ze verfollegen!

Jeudi 15.05

Venez passer une journée inoubliable à la Heringer Millen ! Nous commençons par un atelier de boulangerie, suivi d'une visite intéressante du moulin. Ensuite nous profiterons d'un buffet avec des produits régionaux du Mullerthal. Cette journée sera l'occasion parfaite pour suivre le parcours du grain au pain.



Equipe Club Aktiv Plus



Heringer Millen



10h00 > 15h00



LU



55 € (Bakatelier, Visitt Millen an Buffet ouni Gedrénsks /
atelier de boulangerie, visite, buffet sans boissons)



15.04



REESREPORTAGE – KANARESCH INSELEN

REPORTAGE DE VOYAGE - ÎLES CANARIES

Freides 16.05

Entdeckt mat eis d'Faszinatioun vun de Kanareschen Inseln! An eiser Reesreportage kommt Dir mat op eng spannend Rees duerch déi schéi Landschaften an déi villfältig Kultur. De Will Majerus weist eis Fotoe vu schéine Sandstränn a majestéitesche Vulkaner, déi dës eenzegaarteg Insele charakteriséieren. Loosst lech iwwerraschen vu schéine Biller an interessante Geschichten.

Vendredi 16.05

Découvrez avec nous la fascination des îles Canaries ! Lors de ce reportage vous découvrirez des paysages magnifiques et une culture riche et variée. Will Majerus nous montrera des photos de belles plages de sable et de majestueux volcans qui caractérisent ces îles uniques. Laissez-vous surprendre par des belles images et des histoires captivantes.



Will Majerus



Kleng Sall, Centre Culturel A Schmadd



17h30 > 19h00



LU



Gratis / *gratuit*



02.05



KREATIVATELIER

ATELIER CRÉATIF

Dënschdes 20.05 / 22.07 / 26.08

An eisem Kreativatelier kënn Dir Är Kreativitéit entfalten an nei Technike léieren. Schafft mat verschiddene Materialien a kreéiert eenzegaarteg Fréijoers- a Summerdekorationen. Dësen Atelier ass eng exzellent Geleeënheet, aner Begeeschterter ze treffen an inspiréierend Iddien ze deelen.

Mardi 20.05 / 22.07 / 26.08

Dans notre atelier créatif, vous pouvez développer votre créativité et apprendre de nouvelles techniques. Travaillez avec différents matériaux et créez des décorations uniques pour le printemps et l'été. Cet atelier est une excellente occasion de rencontrer d'autres passionnés et de partager des idées inspirantes.

20.05 Blummenstecker aus Drot a Pärele /
Bouchons de fleur en fil métallique et en perles (Material 12 €)

22.07 Vasen aus Fimo / *Vases en fimo* (Material 28 €)

26.08 Muschel-Wandspill / *Carillon de coquillages* (Material 15 €)



Equipe Club Aktiv Plus



Club Aktiv Plus An der Loupescht



14h00 > 16h00



6 € + Material



30.04 / 01.07 / 06.08



RUMMIKUB ZU KONSDFEF

RUMMIKUB À CONSDORF

Dëschdes 20.05 / 17.06 / 15.07 / 19.08

Mir treffen eis eemol de Mount an der Seniorie St. Joseph zu Konsdref op der schéiner sonneger Terrass. Kommt mat Äre Frënn a mir spillen e puer Ronnen Rummikub zesummen. Mir deelen agreabel Momenter bei enger Taass Kaffi an engem Stéck Kuch a maache sécherlech nei Bekanntschaften a verbréngen eng gutt Zäit zesummen.

Mardi 20.05 / 17.06 / 15.07 / 19.08

Nous nous rencontrons une fois par mois à la Seniorie St. Joseph à Consdorf pour jouer au Rummikub sur la belle terrasse ensoleillée. Nous partageons des moments agréables autour d'un café et d'un gâteau et faisons certainement de nouvelles connaissances. Chaque rencontre est une opportunité de passer un bon moment ensemble.



Equipe Club Aktiv Plus



Seniorie St. Joseph Consdorf



15h00 > 17h00



Consommatiounen op der Plaz ze bezuelen /
consommations à régler sur place



Bis Freides virdrun /
jusqu'au vendredi précédant



INTERNETCAFÉ AFTERWORK

Dönschdes 20.05 / 17.06 / 15.07

Kommt an eisen Internetcafé Afterwork! Léiert hei no der Aarbecht méi iwwer Theemen am digitale Beräich! Ob Creative AI, d'Thema Medienkonsum oder den Dossier de Soins Partagé - fir jiddereen ass eppes dobäi! Gären kënnt Dir eis och Theme proposéiere fir déi nächst Editiounen. Et ass eng flott Méiglechkeet, Leit mat de selwechten Interesse kennenzelieren.

Tuesday 20.05 / 17.06 / 15.07

Come to our Internet Café Afterwork! Get to know more about various digital topics after work! Whether it's artificial intelligence, media consumption or electronic health record - there's something for everyone! Don't hesitate to suggest topics for the next editions. This is a great way to meet up with like-minded people.

20.05 Creative AI

 Equipe LuxTechSchool

 LU

17.06 Medienkonsum: Alles noch unter Kontrolle?

 Marc Bressler (Psychotherapeut, ZEV)

 DE

15.07 DSP - Electronic Health Record

 Luis Batista & Daisy Smet (Equipe DSP)

 ENG

 More information: p. 48

 Preo, Syrkus Roodt-Syre

 18h00 > 19h30

 Smartphone / Tablet / Laptop

 Gratis / for free

 eng Woch am Voraus / one week in advance



INTERNETCAFÉ FIR SENIOREN - COURS

Freides 23.05 / 06.06 / 20.06 / 04.07 / 18.07

Ouni digitaalt Kennen geet et bal net méi. Mat scho kléngen Hiweiser kennt Dir lech an dëser Welt zurechtfannen. Léiert an eise Coursë mat ärem Handy, Tablet oder Laptop follgend Themen: Start an déi digital Welt, Komoot, Dateschutz a Sécherheet, Sozial Medien an Den elektronische Gesondheetsdossier. Mir sinn oppe fir all eegent Thema dat Dir matbréngt. Profitéiert vun dësem Cours fir Är Froen ze stellen a Neies ze léieren!

Vendredi 23.05 / 06.06 / 20.06 / 04.07 / 18.07

Sans connaissance numérique le monde vous met à part. Avec de simples astuces, gérer votre smartphone, tablette numérique ou ordinateur portable en incluant les sujets suivants : bienvenue dans le monde numérique ; Komoot ; protection et sécurité des données ; réseaux sociaux et le dossier de soins partagés. Profitez de ce cours pour poser des questions et apprendre quelque chose de nouveau !

23.05 Einstieg in die digitale Welt

06.06 Komoot

20.06 Datenschutz & Sicherheit

04.07 Social Media

